



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7556 vum 6. Februar 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Um Streckendeel Luerezweiler - Ettelbréck – Dikrech sinn den 29. August 2022 modern Stellwierksanlage vun enger zukunftsweisender Technologie a Betrib geholl ginn. Trotz all den Tester, déi am Virfeld gemaach gi waren, koum et an den éischte Méint am Realbetrib ëfters zu Stéierungen un de neien Anlagen.

D'Ursaache vun deene technesche Pannen, déi net sécherheetsrelevant waren, mee awer den Oflaaf vum Zuchbetrib gestéiert hunn, goufen eng no där anerer ermëttelt an éliminéiert. Bis dohin huet de Farplang momenterweis mussen ausgedënnt ginn. Vun dëser Moosnam waren d'Zich vun der Verbindung Lëtzebuerg – Dikrech ëfters betraff.

D'Pressestell vun der CFL huet iwver dës Ëmstänn an hir technesch Hannergrënn informéiert soubal geséichert Informatiounen zur Verfügung stoungen.

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch